den Domaine de la Salamandre zu Latilly

Den Week – end vum 15. bis den 17. Juni 2012 haten mir eis erëm opgemeet fir ee puer schéin Momenter um Domaine de la Salamandre zu Latilly ze verbréngen. 14 Memberen vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg haten den Weë op dësen onvergläichlechen Site fond an sin räichlech dofir belount gin. Wann mir op Latilly fueren ass dat schon een bedäitend Stéck Geschicht vun eisem Flyfishing Club ewell mir als Veräin vun der éischter Stonn aus un dobäi woren ewei dësen Site opgemeet gin wor an dofir ass et och, trotz all deenen anneren schéinen Destinatiounen déi mir all Joër op een Neis unsteieren, den Héichpunkt an onserem Fëscherjoër. Och zu Latilly iwwernuechten mir an Chalets ´ën esou dass mir ouni Zäitdrock mat allen Sënnen dësen schéinen Site wouërhuelen kënnen. Fir op dëser Plaz ze fëschen reservéiert eisen Sekretäir, den Erny, eis ëmmer am viraus Booter déi mat éngem Elektromotor équipéiert sin, dëst erliichtert eis et fir d´Fësch ausfëndeg ze maachen an huet dodernieft och nach ee bëssen den Hauch vum fëschen op den groussen Séiën ewei et och traditioneller Weis an op den briteschen Inselen praktizéiert gët.

14 Memberen woren also gudd gelaunt ungetrueden fir sech dräi schéiner Deg ze maachen an och wann d´Wieder net esou richtég matgespillt huet woren et dräi schéiner Deg vollgepaackt mat schéinen an dramateschen Momenter déi ewei ëmmer ze vill schnell eriwwer woren. Ewei mir unkomm sin woren zwar vill Wollecken um Himmel awer den Reen huet sech zum Gléck den éischten Dag awer zeréckgehalen, dofir huet et den zweeten Dag geschott ewei mat Eemerën.

Dat huet awer keen vun den Fëscher dovunner ofgehalen fir ze fëschen an schliesslech gët et jo keen schlecht Wieder mée nëmmen dat falscht Gezäi..... Och am schloën Reen hun mir alleguer vill an besonnesch kampfstaark Fësch gefaangen. Mir hun an eisen Reihen ëmmer ganz besonnesch Spezïën, Een dovunner ass den Patrick, Hien huet zeguer bei deem schlechten Wieder mat der drechener Méck weidergefëscht an séng Fësch gefaangen wat ech ganz éierlech

bewonnerswert fannen an als een Grond dofir gesin dass d'Méckenfëschen esou fazinéierend ass, ewell mat Ausdauer an Fléiss gët een bei dëser Method vun der Fëscherei bal ëmmer belount.

Een emei dramateschen Ament wor awer mat Sécherheet ewei den Jemp sech mat énger gliesener Dir ungeluecht hat an dobäi genz kloër den Kiirzeren gezun huet ..... mée glécklecher Weis ass eisen Jeek jo net nëmmen Präsident, Grillmeeschter an Fëscher, née Hien ass och am Niewenberuf Dokter an huet eis den Jemp erëm esou zesummengefléckt dass Hien op Manst weider fëschen konnt..... jo jo do muss schon vill Schlemmëres kommen ewei déi puer Kraatzer fir eis vum fëschen ofzehaalen!!!

An duerno huet Hien vill besser gefëscht ewei virun séngem Mëssgescheck, villäicht wor Hien zur richtéger Zäit waakeresch gerësselt gin.....

Een eméi emotionalen Moment wor mat Sécherheet den Samschdenowend ewou mir eis zesummen nom Jessen een Film ungekuckt hun mam Titel "fofzéng Joër Flyfishing Club Lëtzebuerg", et wor éng kléng Zäitgeschicht an Wuert an Bild fir déi schéin Momenter vun eisem Clubliewen säit der Grënnung den 12. Februar 1996, nach éng Kéier opliewen ze loossen.

Latilly ass awer virun allem Jessen..... ee bëssen fëschen..... an nach vill méi Jessen. Mir hun vun den puer Momenter der teschent awer trotzdeem profitéiert an vill schéin Fësch gefaangen, zeguer den Carlo, deen mir ëmmer fir d´éischt eemol ee bëssen steppelen mussen, huet direckt lasgeluecht ewei een Weltmeeschter an duerno..... huet et ewei ëmmer laang gedauert bis eppes nokomm ass. Dat ass awer guer net schlëmm ewell den Carlo huet een sonnégt Gemiit an Hien ass fir all Spaass ze hun an wann ëmmer éng gedréihnt gët.....den Carlo ass dobäi!

Den Änder hat erëm éng Doublette un den Dag geluecht, Hien hält sech net laang mat nëmmen éngem Fësch op !!!

Zwee vun eisen Memberen haten d´Geleenheet ergraff fir een Ofstiecher op den neien Site vum Vincent Carré ze maachen an Sie woussten nëmmen Guddes ze berichten ewei Sie erëm komm sin esou dass dësen Site och an Zoukonft kéint interessant gin fir op déier Plaz ze fëschen. d´Zäit ass vergaangen ewei am Fluch an éiert mir eis ëmsin haten woren déi dräi Deg Latilly schon erëm eriwwer, mir behalen awer een ereegnisräichen Fëscherweekend an beschter Komerodschaft an Erënnerung . d´Méck vum Dag wor onweigerlech den orangen Blop och wann eisen Präsident erëm mat sénger spezieller Méck d´Fësch zur Verzweiflung bruecht huet an net nëmmen d´Fësch..... och esou muneschen Fëscher huet schon d´Welt net mei verstaanen wann Hien niewend dem Jeek gefëscht huet wann Hien säin speziellt Muster montéiert hat. An deem Sënn kann et weidergoën an mir freeën eis elo schon op déi nächsten Sortie déi eis am Juli op Sommedieue bei den Bruno féiert, och dësen Site steet vun Unfank aus un all Joër op een Neis op eisem Programm.